N°2427
Entrée le 07.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n° 2427 vum 6. Juni 2025 vum honorabelen Deputéierten Dan Hardy.**

1. **Wéi interpretéiert d'Regierung déi alarméierend Zuelen, déi vu rezente Studien opgedeckt goufen an ënnersträichen, datt een Drëttel vun den Affer vu sexueller Gewalt hei am Land méi jonk wéi 12 Joer sinn?**

D'Zuel vun de mannerjäregen Affer vu sexueller Gewalt geet leider an d'Luucht, an zwar net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee weltwäit. Et muss natierlech awer och jidderengem kloer sinn, datt de Phänomen vun der sexueller Gewalt géintiwwer Mannerjäreger leider net nei ass.

No den Estimatioune vun der UNICEF[1] vu September 2024 liewen aktuell weltwäit 340 Millioune Fraen a Meedercher, déi virun hirem 18. Gebuertsdag Affer vu sexueller Gewalt si bzw. gi sinn. Wann een déi sexuell Gewalt ouni physesche Kontakt, wéi z.B. Online-Iwwergrëffer dobäi rechent, da leie mir bei 650 Millioune Fraen a Meedercher. Dës Zuele bezéien sech just op weiblech Affer, déi bäi wäitem méi heefeg sexuell Gewalt erliewen. Et sief bemierkt, dass och Jongen oder Männer vu sexuellen Iwwergrëffer betraff sinn. Laut UNICEF léit de Ratio bäi de männlechen Affer, déi sexuell Gewalt als Kand erliewt hunn, bäi 1 zou 7. Dëse Ratio ass 1 zu 11, wann et ëm sexuell Aggressiounen oder Mëssbrauch geet[2].

D'Regierung ass sech der graver Problematik bewosst an hëlt dëse Phänomen ganz seriös. Sexuell Gewalt géintiwwer Mannerjäreger gëtt dofir och transversal vun der Regierung gehandhaabt. Esou gesäit de Regierungsprogramm vun 2023 eng Rei vu Mesuren a verschidde Ministèrë vir, mam Zil d'Thematik besser ze analyséieren, domadder eng optiméiert Prise en charge unzebidden an de Kampf dergéint ze stäerken. Mee och fir d'Ëffentlechkeet, virop d'Jugendlecher selwer an hir Familljen, mee och d'Léierpersonal, d'sozio-educatiivt Personal oder soss Professioneller nach besser op d'Problematik opmierksam ze maachen.

Virop ass an dësem Kontext nach ervir ze hiewen, dass d'Auteure vu sexueller Gewalt géintiwwer Mannerjäreger net ëmmer erwuesse Persoune sinn. Eng signifikant Zuel vun Auteuren si selwer mannerjäreg.

D'Grënn vun der Hausse vun de Fäll vu sexueller Gewalt am Allgemengen, a par Rapport zu Mannerjäreger am Spezifeschen, si villfälteg. Zu engem gewëssen Deel gëtt dës Hausse mat der "MeToo"-Beweegung erkläert, déi der Problematik vun der sexueller Gewalt net nëmme géint Fraen op der Aarbecht, mee generell, eng nei Opmierksamkeet ginn huet. Vill Affer haten de Courage sech zu Wuert ze mëllen. Sou gëtt den Tabu, dank dem Courage vun den Affer, ëmmer

---

[1] Plus de 370 millions de filles et de femmes dans le monde ont subi un viol ou une agression sexuelle alors qu'elles étaient enfants – UNICEF
[2] UNICEF, Op.Cit

méi an der Ëffentlechkeet gebrach, mee och d'Justiz, d'Police oder nach d'Educatioun reagéiere méi sensibel op dëse Phänomen.

**2. Wéi eng Moossnammen si geplangt, fir dës beonrouegend Tendenz besser ze documentéieren an z'iwwachen?**

Wéi schonn an der Äntwert op déi 1. Fro geschriwwen, gesäit de Koalitiounsprogramm eng Rei Mesuren a verschiddene Ministerië vir, déi et erméiglechen wäerten transversal a verstäerkt géint sexuell Gewalt, och am Fall vu Mineuren, virzegoen. Et kann een der hei e puer opzielen, wéi zum Beispill:

- den éischten nationalen Aktiounsplang géint geschlechterbaséiert Gewalt, mat enger ganzer Rei u Mesuren, deen op de 4 Piliere vun der Instanbul-Konventioun baséiert, an ënnert der Koordinatioun vum Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit an interministerieller Zesummenaarbecht a mat Hëllef vun aneren Acteuren opgestalt gouf ;

- d'Schafung vun enger nationaler Ulafstell fir Affer vu Gewalt, déi Enn Abrëll 2025 am Kader vun engem éischte Pilotprojet hir Dieren opgemaach huet, a wou och mannerjäreg Affer higoe kënnen. Dës Ulafstell bitt eng ambulant a pluridisziplinär Noutversuergung a -betreiung vun Affer vun alle Forme vu Gewalt un. De Justizministère, wéi och de Parquet huelen aktiv Deel am Begleetcomité vun dëser nationaler Struktur deel, déi eng Schlësselroll fir eng optimiséiert Betreiung vun den Affer vu Gewalt huet ;

- de Gesetzesprojet n° 8486, deen ënnert anerem virgesäit, dass d'Riichtere bei Strofdote mat Prisongsstrofen iwwert zwee Joer net méi speziell motivéiere mussen, wann se kee Sursis ginn. Dës Ännerung vum Code de procédure pénale trëfft dee Moment och op Fäll vu sexuellem Mëssbrauch vu Mannerjäregen zou ;

- d'Reform vum Jugendschutzgesetz vun 1992 am Kader vun den dräi Gesetzesprojeten (n° 7991, 7992 an 7994).

Am Kader vun der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 1879 kann een och noliesen, dass d'Regierung sech och op d'Erfarungswäerter vun de jeeweilege Servicer, déi am Alldag mat Jonken an der Thematik beschäftegt sinn, baséiert.

Am Kontext vun der parlamentarescher Fro n° 1879 ass och nach nozeliesen, dass zum Beispill de Centre socio-éducatif de l'État (CSEE) eng Kooperatioun mat der "Universitäre Psychiatrische Kliniken Basel" huet. Et ass wichteg sech net nëmmen em d'Affer ze këmmeren, mee et muss een sech och mat den Täter beschäftegen, wann ee wëll effektiv géint Gewalt, sexuell Gewalt abegraff, virgoen a Recidivë verhënneren. An dem Kontext kann een zwee Servicer ervirhiewen:

den “Riicht eraus” an d’”Alupse Cosmos”, déi zanter Juli 2024 op Demande vum Parquet mannerjäreg Sexualtäter betreit.

De Justizministère hat och am November 2023 eng Sensibiliséierungcampagne iwwer sexuell Gewalt géintiwwer Mannerjäreger duerchgefouert. Dëst am Kader vun de Gesetzesännerungen, déi am Juli 2023 vun der Chamber gestëmmt gi sinn, wou e.a. d’Strofe fir sexuelle Mëssbrauch vu Mannerjäeregen, wéi och d’Verjäerungsfristen bei sexuelle Strofdote géint Mineuren eropgesat goufen. De Parquet mécht och reegelméisseg Sensibiliséierungsaarbeecht an dësem Sujet a Form vu Konferenze fir ee breede Publikum besonnesch a Schoulen oder Institutiounen, mee och fir d’Ëffentlechkeet. D’Zil ass et déi kollektiv Prise de conscience ze förderen a jiddereen z’encouragéieren ee Mëssbrauchsfall ze mëllen.

**3. Huet d’Regierung wëlles, d’Prise en Charge an d’psychologesch Betreiung vu mannerjäregen Affer vu sexueller Gewalt ze stäerken?**

Am Kader vum nationalen Aktiounsplang “Violences fondées sur le genre” ass allgemeng eng Stäerkung vun der psychosozialer Prise en charge fir d’Affer virgesinn. Och ass virgesinn, datt déi national Ulafstell fir Affer vu Gewalt, déi als Pilotprojet elo mat hirer Aarbecht ugefaang huet, weider ausgebaut gëtt.

Et ass awer wichteg z’ënnersträichen, dass d’Affer haut net eleng gelooss ginn.

Um Niveau vum Service central d’assistance sociale (SCAS) gëtt et een Team vu Psychologen, déi gratis den Affer bäistinn an hinnen ee psychologesche wéi och psychotherapeutesche Suivi ubidden, onofhängeg vun hirem Alter. Et handelt sech em de Service d’Aide aux Victimes (SAAV).[3]

Ausserdeem gëtt et eng Panoplie vun Associatiounen oder Servicer aus dem private Secteur, déi sech ëm d’Affer, sief et Erwuessener, Kanner oder Jugendlecher, këmmeren[4]. De Parquet schafft enk mat dëse Servicer zesummen, déi de mannerjäregen Affer eng adequat an effektiv Ënnerstëtzung bidden.

**4. Wéi ginn d’Recommandatioune vun der Istanbul-Konventioun iwwert de Schutz vun de Kanner viru sexuellem Mëssbrauch hei am Land applizéiert?**

D’Regierung huet eng Rei vu Mesure geholl fir der Istanbul-Konventioun Rechnung ze droen . Och wëlle mir hei e.a. op déi weider Mesuren aus dem nationalen Aktiounsplang “Violences fondées sur le genre” verweisen.

[3] Service central d'assistance sociale - le service d'aide aux victimes SAV - Aides et informations - La Justice - Luxembourg
[4] Liste des contacts – Violence.lu

De Groupe d'experts sur la lutte contre la violence à l'égard des femmes et la violence domestique (GREVIO) vum Europarot, deen als onofhängegt Organ verantwortlech ass, fir d'Ëmsetzung vun der Istanbul-Konventioun ze iwwerwaachen, huet een éischten Evaluatiounsrapport betreffend Lëtzebuerg, de 26. Mee 2023 ugeholl. De Rapport fält gréisstendeels positiv aus. Wat déi verschidde Recommandatiounen ugeet, wéi och d'Äntwert vun der virechter Regierung vu Juli 2023 op d'Recommandatiounen, géife mir den honorabelen Deputéierten op de Rapport GREVIO wéi och d'Stellungnam vun der Regierung verweisen[5].

Lëtzebuerg, den 7. Juli 2025

D'Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue

[5] Le GREVIO publie son rapport sur le Luxembourg - Convention d'Istanbul Lutte contre la violence à l'égard des femmes et la violence domestique